Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/03/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.

Fir kënne Stroum ze bezéie muss e Stot un en Stroumreseau ugeschloss sinn a fir datt de Stroumliwwerant ofrechne kann, muss den effektive Verbrauch ofgelies ginn. Dofir gesäit d'Gesetz vum 1. August 2007 iwwert de Stroummarché am Artikel 2 (1) Folgendes fir: "*Un règlement grand-ducal peut introduire un système national de péréquation afin de garantir des tarifs d'utilisation du réseau uniformes pour un même niveau de tension.*" Dëst ass och tatsächlech de Fall an den ILR publizéiert all Joer d'Tariffer fir déi sougenannten "*Redevance mensuelle fixe pour l'accès au réseau BT*".

Wärend tëscht dem 1. Januar 2017 an dem 31. Januar 2019 d'Präisser laut dem STATEC ëm 2,98 Prozent, respektiv den Index vu Salairen ëm 3,51% geklomme sinn, ass den Tarif fir de Raccordement un de Stroumreseau ëm 28,62% geklommen.

Déi héich Raccordements-Tariffer iwwerdecken dobai all individuell Versich duerch d'Reduktioun vun der eegener Stroumconsommatioun ze spueren. An der Hypothees, datt e Stot 2017 bspw. 4000kWh consomméiert huet a säi Verbrauch fir 2019 ëm 15% gesenkt, also op 3400kWh reduzéiert huet, hätt dëse Client bei der Enovos, souguer trotz enger Präishausse um Stroumpräis vun 9,97% nach misste ronn 24 EUR / Joer aspueren. No Applikatioun vun de Raccordementsfraise bezilt en haut awer effektiv 7 € / Joer méi wéi virdrun, obwuel e seng Consommatioun reduzéiert huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Wéi eng Method benotzt den ILR, fir dësen Tarif fir de Raccordement un de Stroumreseau ze berechnen a festzesetzen?
- Duerch wéi eng Facteuren ass et zu der drastescher Präiserhéijung komm?
- Wéi erkläert sech dës Hausse virum Hannergrond, datt de Projet "Smarty" jo u sech d'Käschte fir de Comptage vum Stroumverbrauch sollt reduzéieren?
- Sinn d'Ministeren och der Meenung, datt dës Hausse eventuell individuell Aspuerungen beim Energieverbrauch reduzéiert oder souguer ganz negéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député